N°31
Entrée le 23.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

De 15ten November huet d'Associatioun hanner dem Ökoduerf BENU seng Opléisung an d'Weeër geleet. Dee Moment hunn 42 Persoune fir d'Asbl geschafft. An der Äntwert op d'Fro 8371 hunn d'Ëmweltministesch an den Aarbechtsminister erkläert, dass net ka garantéiert ginn, dass aner Initiativen dës Mataarbechter iwwerhuele, falls sech bei BENU déi finanziell Situatioun an den nächste Wochen net verbessert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung dorun intresséiert fir de Projet BENU z'iwwerhuelen?
2. Wat wäert gemaach ginn, fir d'Mataarbechter z'ënnerstëtzen, déi duerch d'Opléisung elo musse fäerten ouni Job an deelweis och ouni Chômage do ze stoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°31
Entrée le 12.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune du ministre du Travail et du ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité à la question parlementaire n° 31 de Monsieur le Député Marc Goergen**

**Ad. 1**

De Moment sinn d'Servicer vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit (MECB) a Kontakt mat der Stad Esch fir ze kucken, ob a wéi d'Gemeng de Projet wéiderféiere wëll. Déi Gespréicher ginn elo mol ofgewaard.

**Ad. 2**

All d'Servicer vun der 'Agence pour le développement de l'emploi' (ADEM), déi sech un Aarbechtssichender adresséiren, stinn selbstverständlech och den impaktéierten Salariéën vun der ASBL 'Benu Village' zur Verfügung – emmer mam Zil, dësen Persounen schnellstméiglech eng adequat Astellungsméiglechkeet ze vermëttelen.

Prinzipiell engagéiert d'ADEM sech, all Demandeur d'emploi perséinlech ze betreien. Den Objectif ass eng komplett an individuell Ennerstëtzung, fir den Demandeurs d'emploi ze hëllefen, hir Plaz um lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart erëm ze fannen. All Demandeur d'emploi huet deemno säi perséinleche Beroder, deen sech engagéiert, d'Situatioun, d'Kompetenzen, d'Aarbechtserfarung an d'Wënsch vum Demandeur d'emploi ze verstoen.

Dëse Beroder informéiert zousätzlech iwwert déi verschidden individuell Finanzbäihëllefen, déi iwwert den Beschäftegungsfonds kënne finanzéiert ginn.

Op Basis vun de Kompetenzen an de Wënsch vun deenen hei betraffene Leit hëllefen d'Beroder, déi Secteuren ze identifizéieren, wou Leit agestallt ginn. De Beroder gëtt hinnen och Informatiounen iwwert aktuell Astellungsméiglechkeeten an iwwert déi allgemeng Tendenze um Aarbechtsmaart.

Deswéideren kann d'ADEM hinnen Servicer ubidden, fir hier Integratioun um Aarbechtsmaart ze vereinfachen. Dozou gehéiert, en cas de besoin, eng Hëllef beim Schreiwe vu Liewensleef a Motivatiounsschreiwen, esouwéi Simulatioune vu Virstellungsgespréicher, Coachingen, Formatiounen an Beschäftegungsmoossnamen. All dës Mesuren hunn als Zil, d'Chancen op eng nei Aarbecht ze maximiséieren.

Luxembourg, le 11 janvier 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**